piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4181 huet d'Ministesch erklärt, firwat fir eng Holzpasserell zu Mamer Tropenholz fir de Bau genotzt gouf aplaz op lokal oder europäesch Holzzorten ze setzen.

D'Ministesch schreift, dass *"och europäesch Holzaarten, analyséiert an evaluéiert [goufen]. Dës Alternativen hunn sech allerdéngs am Verglach zu Bongossi-Holz als manner gëeegent fir déi spezifesch Asazbedéngunge vun dëser Infrastruktur erausgestallt. Generell ass et esou, dass gekuckt get fir Holz aus der Groussregioun an Europa ze benotzen."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Um Fonds-de-Gras zu Péiteng gouf een hëlzent Trappepodest gebaut.
   - Wéi een Holz gouf heifir genotzt?
   - Gouf fir d'Podest dat afrikanescht Birenholz *Baillonella toxisperma* oder *Moabi* genotzt?
     - Falls jo: firwat ass fir dëse Podest Tropenholz agesat ginn?
     - Kann d'Ministesch den Zertifikat (FSC oder PEFC) presentéieren, dee weist, dass d'Holz vun dësem Podest retraçabel ass?
2. Fir wéi vill staatlech finanzéierte Projeten (ëffentlechen Ausschreiwungen) ass an de leschten zwee Joren Holz ausserhalb vun Europa genotzt ginn an a wéi villen net?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés